LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 16 JAN. 2020

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
16 JAN. 2020

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°1533 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°1533 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable,

Carole Dieschbourg

Adresse postale
L-2918 Luxembourg

Tél. (+352) 247-86824
Fax (+352) 400 410

4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

www.emwelt.lu
www.gouvernement.lu

130-000008 2004052S FR

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung an dem Energieminister op d'parlamentaresch Fro n°1533 vum 26. November 2019 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser betreffend „Utilisation du néodyme dans des générateurs d'éoliennes"**

1. ***A wéi vill Wandturbinnen zu Lëtzebuerg ass dat Element Neodymium mat verschafft ginn?***

Déi staatlech Autoritéiten hu keng detailléiert Informatiounen doriwwer, a wéi ville Wandrieder am Land Neodym verschafft ass. Bei der Äntwert op dës Fro erlabe mer eis op d'Fro 1414, déi d'honorabel Deputéiert Nancy Arendt den 2. Mee 2011 gestallt hat, ze verweisen. Op Nofro beim gréissten nationalen Acteur, dee ronn 75% vun der erneierbarer Energie aus Wandkraft produzéiert, kënne mir awer matdeelen datt all déi Anlage keen Neodym benotzen. Bal d'Intégralitéit vun hiren Anlage sinn ouni Boîte, sou datt déi fir d'Stroumerzeugung noutwenneg magnéitesch Felder am Generator reng elektresch erzeugt ginn. Sougenannte Permanentmagnéiten, fir där hier Hirstellung zum Deel Neodym benotzt gëtt, kommen also bei deem Acteur net zum Asaz.

Zu dëse Permanentmagnéiter an dem Neodym kann een nach festhalen, datt dat europäescht REACH Reglement (Registration, Evaluation, Authorisation and Restriction of Chemicals) Neodym net als besuergniserreegende Stoff astuuft. Hisiichtlech der Gesondheet vu Mënsch an Ëmwelt ass dohier vun deem Material, an engem Wandrad agebaut, kee Risiko ze erwaarden. Bei der Exploitatioun vu Wandrieder ginn duerch den Asaz vun deem Stoff keng lokal Ëmweltimpakter generéiert, et fënnt och keng Fräisetzung vun deem Element statt.

2. ***Wéi steet d'Regierung dozou datt d'Produktioun vun dem Element mat enorme Gesondheets- an Ëmweltbelaaschtunge verbonnen ass?***
3. ***Wéi steet d'Regierung dozou datt de Réckgrëff op Neodymium eis bei der Wandenergie wéi och bei der Elektromobilitéit an/oder bei hybride Motoren an eng Ofhängegkeet vun der Volleksrepublik China bréngen kann?***

D'Lëtzebuerger Regierung setzt sech um europäeschen Niveau an alle Beräicher an fir d'Critère vun der Nohaltegkeet héich ze halen. Sou setzt sech z.B. Europa an bei der Definitioun vu méi strengen Oplagen fir de Bau an de Recyclage vun de Batterien, wou och déi sougenannten "selten Erden" verbaut ginn, fir sécherzestellen datt déi Entwécklung an déi richteg Richtung geet.

Parallel maachen och d'Hiersteller vu Wandanlagen a Batterië säit enger Rei Jore kontinuéierlech Efforte fir den Undeel vun Neodym an anere "seltenen Erden" ze reduzéieren.

4. ***Wëll d'Regierung bei der Installatioun vun zukünftege Wandturbinnen zu Lëtzebuerg, dorop Uecht ginn, datt bei de Generatore keen Neodymium mat verschafft gëtt?***

Duerch den Asaz vu Permanentmagnéiten beim Bau vu Wandrieder gëtt d'Produktioun vereinfacht. Dofir kéint sech dës Technik méiglecherweis ëmmer méi duerchsetzen. Den Neodym, dee bei der Hirstellung vun dëse Permanentmagnéiten agesat gëtt, ka grondsätzlech recycléiert ginn, wann eng Anlag ofgebaut gëtt.

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1414 vum 2. Mee 2011 gesot, sinn et d'ekonomesch Acteuren, an net d'Regierung, déi nei Wandriedertypen oder -elementer entwéckelen. Vu dass a Lëtzebuerg am weltwäite Vergläich gesinn nëmmen e ganz klengen Undeel

vu Wandrieder bedriwwe gëtt, sinn der Regierung hir Méiglechkeeten op déi Entwécklungen anzewierke limitéiert, mee Lëtzebuerg engagéiert sech wéi beschriwen um EU-Niveau fir méi nohalteg Léisungen.